MÄERZEG
FEIERT
2025

Version française
Page 4

Mäerzeg, den 13. Juni 2025

# Avis au public

## National Meeschterschaft am Stroossevëlo

### 26. bis de 29. Juni 2025

Léif Mäerzeger,


2025 ass e besonnescht Joer fir d'Gemeng Mäerzeg. Nieft deene villen Evenementer vum Gebuertsdagsjoer si mir houfreg, datt déi national Meeschterschaft am Stroossevëlo bei eis an der Gemeng stattfënnt, eng Organisatioun vun der „Fédération du Sport Cycliste Luxembourgeois“ (fscl.lu) an der „Union Cycliste du Nord Ettelbréck“ (ucne.lu). D'Evenement gëtt vum 26. bis de 29. Juni 2025 ofgehalen.

Wéinst dem Impakt op de Verkéier, fannt Dir hei déi néideg Informatiounen.

Ab dem 20. Juni gëtt de Parking hannert dem Gemengenhaus zougemaach wéinst de Feierlechkeete fir Nationalfeierdag. No dësem Fest wäert dësen och fir d'Vëlosmeeschterschaft zou bleiwen. Eng zousätzlech Parkméiglechkeet gëtt et op dem fréiere Site „Voyages Wagener“ an der Strooss Kiirchepad.

Den Impakt op de Stroosseverkéier op de concernéierten Deeg gesäit esou aus:

- **Donneschdeg, 26. Juni :** de „Contre la montre“ fënnt op de Parcoursen A a B statt, déi komplett fir de Verkéier gespaart sinn. Kee Verkéier ass op de Parcoursen tëschent 16:00 an 21:00 Auer erlaabt.





Administration communale de Mertzig
22, rue Principale L-9168 Mertzig
T 83 82 44 - 1 F 83 82 44 - 300
commune@mertzig.lu www.mertzig.lu

FAIRTRADE Klima-Bündnis

D'Zonen déi vun de Stroossespäre betraff sinn:

- d’Haaptstrooss, tëscht der Industriezon an der Kräizung mat der Colmerstrooss, op där geruedder Säit;
- d’Haaptstrooss, tëscht der Kräizung mat der Colmerstrooss an der Kräizung mat der Méchelbucher Strooss, fir all Verkéier zou;
- d’Mëtscheederstrooss, vun der Haaptstrooss an Direktioun Mëtscheed, fir all Verkéier zou;
- d’Dellerstrooss, vun der Haaptstrooss an Direktioun Dellen, fir all Verkéier zou.

Fir den Zougang zur Industriezon an zur ongeruedder Säit vun der Haaptstrooss ze garantéieren, gëtt e „Sens unique“ fir de Verkéier tëschent Uewerfeelen an der Kräizung mat der Colmerstrooss zu Mäerzeg agefouert.




De Verkéier vun der Colmerstrooss gëtt ëmgeleet iwwer de Collette’s Päsch, d’Méchelbucher Strooss an d’Schoulstrooss, fir zeréck op d’Haaptstrooss. A Richtung Feelen gëtt de Verkéier iwwer déi selwecht Stroossen Richtung „Karelshaff“ ëmgeleet.




- **Freideg, 27. Juni**: et si keng offiziell Coursen. All d‘Stroossen sinn op. D’„Mäerzeger Schoul“ mat hire Schoulpartner organiséiert e Vëlosdag, an tëscht 17:00 an 18:30 Auer ass eng Randonnée fir jiddereen mam Vëlossportler Fränk Schleck.

- **Samschdeg, 28. Juni**: do ass de nächsten Dag vun de Kompetitiounen. D’Parcoursen (A a B) sinn déi selwecht wéi déi vum Donneschdeg an si ginn tëscht 13:00 an 21:00 Auer zougespaart. De „Sens unique“ tëscht Uewerfeelen bis zur Kräizung vun der Haaptstrooss mat der Colmerstrooss zu Mäerzeg gëtt erëm agefouert. Fir de Rescht hunn d’Awunner dës Kéier d’Méiglechkeet, bei Besoin, op dem Parcours ze fueren, dat awer nëmmen a Richtung vun der Course.

- **Sonndeg, 29. Juni**: do bleift d’Verkéiersreglement dat selwecht wéi um Samschdeg. Déi eenzeg Differenz ass, datt d’Kompetitiounen nëmmen um Parcours A tëscht 9:00 an 19:00 Auer gefuer ginn.

Op www.mertzig.lu/fscl-championnat fannt Dir méi Informatiounen zu dësem Evenement, genau ewéi um Flyer deen „toutes-boîtes“ verdeelt ginn ass.

Wann Dir vum Parcours betraff sidd an dës Deeg op den Auto musst zeréckgräifen, biede mir Iech, déi néideg Virsiichtsmoossnamen ze huelen an Ären Auto an enger Strooss ze parken, déi net betraff ass.

Kommt a feiert mat eis – erlieft Passioun, Leeschtung an eng festlech Stëmmung!

Mir soen Iech villmools Merci fir Äert Verständnis.

D’Gemeng Mäerzeg